N° 8265
Entrée le 25.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Als fräiwëllegen operationelle Pompjee huet een d'Méiglechkeet zwou verschidden Indemnisatiounen ze kréien. Entweder eng Garde Astreinte fir 1€/h oder eng Garde casernée (haaptsächlech déi Leit, déi eng Ambulanz Garde garantéieren) 10€/h. Mat der aktueller inflationärer Ekonomie an der geleeschter Aarbecht kann een sech d'Fro stelle wei zäitgeméiss sou eng Indemnisatioun nach ass.

De Fräiwëllegen dréit déi selwecht Responsabilitéit bei engem Ambulanz Asaz vis-à-vis vum Patient an et ass et och net onüblech, dass de Pompier volontaire Iwwerstonne mécht. Menges Wësse ginn Iwwerstonnen net verrechent, anescht wei dat bei de professionelle Pompjeeën de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Indemnisatiounen héisch genuch sinn?
    - Wa jo, wéini goufen dës fir d'lescht geännert?
    - Wa nee, wéi héisch sollten se sinn?
2. Wat sinn der Ministesch hir konkret Pisten, fir de Beruff vum Pompier méi attraktiv fir nei Rekrutementer ze maachen?
3. Wat sinn der Ministesch hir konkret Pisten, fir méi Fräiwëlleger fir de CGDIS ze begeeschteren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten